

leuren ausenaner setzt, mä dat kann een a ville Fächer maachen. Vun der Geschicht iwwert d'Sproochen an nach ganz vill aner Fächer kann een dat iwwert d'Programme maachen, an dat geschitt iwwregens och; et ass net esou, dass näischt geschitt.

Déi zweet Fro, dat ass déi vun den offizielle Relatioune mat der musulmanescher Gemeinschaft. Ech wëll bewusst vu musulmanescher Gemeinschaft schwätzen an net musulmanesche Gemeinschaften. Dir wësst, dass ech scho virun e puer Joer ugekënnegt hunn - an ech bleiwen derbäi, et ass just net esou einfach, wéi ee sech dat virstellt -, dass ech wëll, och opbauend op eng Motioun, déi hei 1998 vun der Chamber gestëmmt gouf, mat der musulmanescher Gemeinschaft eng Konventioun ofschléissen, déi dann natierlech hei muss ratifizéiert ginn, selbstverständlech, iwwert d'Relatiounen tëschent dem Stat an der musulmanescher Gemeinschaft.

Nu sinn déi dote Verhandlungen - déi éischt Kontakter waren 1996, ech hunn dunn 2003 versicht, systematesch do Kontakter opzehuelen - natierlech net esou einfach, well mer zwee Problemer hunn, déi do musse geléist ginn. Deen een ass: Wien ass mäin Interlocuteur? Well et am Islam net déi hierarchesch Glidderung gëtt vun der Kierch wéi zum Beispill beim Katholizismus. Do weess ech, mat wiem ech schwätzen, do gëtt et e Chef.

(Interruption)

Am Islam gëtt et dat net. Do ass et d'Gemeinschaft, an dat ass vill méi diffus.

Da kënnt derbäi, dass d'Gefor ass, dass et verschidde Gemeinschaften gëtt. Dir kënnt lech vläicht erënnern, dass ech lech hei virgeschloen hat, bei den Orthodoxen eng Konventioun ze maachen an net verschidden national-orthodoxesch Ofkommessen ze maachen. Datselwecht ass fir mech absolut unabdingbar bei de musulmanesche Gemeinschaften, nämlech eng ze kréien. An een éischt Resultat, wat mer awer kënne verzechnen, dat ass, dass ech déi verschidde Gemeinschaften, déi op verschiddene Plaze waren - Lëtzebuerg, Bouneweg, Esch, Wolz -, eigentlech forcéiert hunn, eng gemeinsam Schura ze maachen.

Elo weess ech nach ëmmer net, ob déi schonn esou fest ass, wéi ech se gären hätt. Déi Echoen, déi mer kréien, soen awer, dass mer se gezwongen hunn, sech emol zesummen op een Dësch ze setzen, fir mat der Regierung ze dialogéieren. Dat war amol schonn en éischte Schrëtt an déi richteg Richtung. Dat heescht, mir sinn elo mam Dialog amgaang.

Dann ass natierlech den Inhalt vum Dialog - an och do stäipen ech mech op déi Motioun, déi hei 1998 ugeholl gouf - unanime fir mech. Aner Leit sinn der Meenung, et wär net unanime - dat menge verschidde Leit vum ADR -, mä et war awer beim Handophiewen an der Chamber, wann Der nokuckt, unanime. Fir mech ass et duerfir nach ëmmer unanime, fir ze soen: Wa mer eng Gemeinschaft hei konventionéieren, da muss se sech zum Ordre public luxembourgeois bekennen. Dat sinn déi Grondwäerter, déi mer hunn!

Ee wesentleche Wäert an deenen Diskussiounen, dee fir mech ass, dat ass d'Stellung an de Respekt vun der Fra. Stellung a Respekt, well heiansdo gëtt nëmme vu Respekt geschwat, d'Stellung ass och wichteg.

(Interruption)

Dat ass... Jo, also ech hunn „Froa“ gesot, „Fra“ verstitt Der da vläicht besser.

■ Une voix.- Aaaahhh!

(Interruptions diverses)

■ **M. François Biltgen**, *Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*.- Gutt. D'Stellung vun der Fra, dat ass eng Dëngen. Mir sinn och amgaang do weiderzefueren, an ech wëll lech soen, dass mer och déi Diskussiounen erëm opgräfen an dass mer wäerte versichen, och der Regierung an dann der Chamber virzeschloen, esou eng Konventioun ze maachen, déi dann zum Beispill ebe just géif déi Schura kënne konsolidéieren.

Well do gëtt et Beispiller: Bei der jiddescher Gemeinschaft, do ass et och net de Rabbi, deen d'Hauptpersoun ass, mä et ass de Consistoire, eppes Ähnlech - an do hunn ech mech largement inspiréiert beim Här Sarkozy an esou weider. Et kann een also do Beispiller huelen, fir dass ee mol eng Gemeinschaft huet, dass een effektiv en Interlocuteur huet.

De franséische Modell schéngt mer wesentlech besser wéi dee belschen, well dee belsche méi d'Communautariséierung fördert, während dee franséische méi d'gemeinsamt Spill fördert.

Dann ass et och do wichteg, dass mer zum Beispill wëssen - well den Hauptzweck vun enger Konventioun ass et jo, e Ministre du culte, an deem Fall en Imam, ze bezuelen -, wéi dee forméiert gëtt! Dat ass zum Beispill eng wesentlech Fro, well en Imam, obwuel et net den Imam ass, deen se ofschléisst, dat ass awer deen, deen un d'Leit erukënnt. Also ass et fir eis - an all déi aner europäesch Länner maachen dat och - wichteg ze wëssen, wat fir eng Imamen zu Lëtzebuerg priedegen; et hängt vill dovunner of. An dat gesäit een iwwerall, huelt nëmmen d'Beispiller vu Frankräich, an deenen enge Moscheeën gëtt aneschtens gepriedegt wéi an aner; och dat ass wichteg.

An dann ass ee Punkt, dee mer och um Härzer läit - an ech soen dat fir all déi Gemengepolitiker, déi heibanne sinn -, eng Fro, wou ech wierklech frou wär, wann ee se géing léisen, an déi mer scho laang geléist hu fir d'jiddesche Gemeinschaft, an dat ass déi vum Kierfecht, an zwar fir eng Plaz op eise Kierfechter ze fannen och fir eis musulmanesch Matbridder. Ech mengen, dass een dat implizit kéint iwwer esou eng Konventioun ofschléissen.

Wéi gesot, dat ass do, wou mer wëllen hikommen. Dat gëtt nach laang net esou einfach, mä mir wëllen dat maachen. Well wa mer déi Konventioun ofschléissen, d'Relioun als Facteur d'intégration unerkennen amplaz d'Aen ze verschléissen an déi Leit an de Ghetto ofzeschéissen, da kënne mer hei wierklech e positive Mouvement maachen.

Dann, drëtten a leschte Punkt, Här President, d'Roll vun der Gesellschaft: Den Dialogue des cultures, dat ass eppes Permanentes. An ech wëll do just soen, dass bei eis am Haus, am Kulturministère, ganz vill an deem Secteur geschafft gouf an nach weider dierft geschafft ginn.

Dir kënnt lech vläicht erënnern 2004 am Hierscht waren an der Abtei Neumünster, déi souwisou als Motto huet: «Dialogue des cultures et culture des dialogues», eng ganz Partie vu Konferenzen - mat der Uni iwwregens zesummen - iwwert den Islam an déi westlech Welt. Ech hu selwer - dat war déi éischt perséinlech Iddi, déi ech hat als Kulturminister - eng Ausstellung do organiséiere gelooss «Le voile déchiré», wou lauter Biller ware vu Fraen aus der islamescher Welt, déi do, déi eng mat politischen Themen, déi aner mat net politischen Themen, gemoolt hunn, och fir ze weisen, dass et an der islamescher Welt awer aner Biller gëtt wéi déi, déi mer elo erëm gesinn hunn iwwert d'Tële, wou alles nëmmen niddergebrannt gëtt.

An déi Mouvementer musse mer och an der islamescher Welt ën-

nerstëtzen. An ech wëll dann och soen, dass mer ganz staark mat-schaffen am Kader Euro-méditerranée, an ech sinn och ganz houfrech, dass mer de 27. November 2005 als Kulturministère vun dem Euro-med, den “Europe méditerranéan award for dialogue between cultures” iwwerreecht kritt hunn als Kulturministère. Dat ass also fir eis schonn als Regierung eng Unerkennung, dass mer hei an där leschter Zäit vill geschafft hunn a mir wäerten och net midd ginn, fir weider op deem dote Punkt ze schaffen. An ech géif lech och bidden, dass, soubal mer d'UNESCO-Konventioun iwwert d'Diversité des cultures hei deponéiert hunn - Dir hutt se elo nach net, mir hu se ënnerschriwwen -, mer déi och géife ratifizéieren. Dat gëtt eis e weidert Element fir e propperen Dialogue des cultures ze féieren.

Dir Dammen, Dir Hären, Här President, zum Schluss wëll ech d'Zitat bréngen aus engem Reportage aus enger Emissioun vum RTBF, der franséischsproocheger belscher Télee, deen Dag, wou mer d'Kommemoratioun vun der Auschwitz-Libération gefeiert hunn, an do ass en ale jiddesche Rabbi interviewt ginn, dee selwer zu Auschwitz war an deen iwwerlieft huet, an deen huet Folgendes gesot: «Je voudrais rappeler à ceux qui nous regardent que cette horreur, cette barbarie n'est pas apparue du jour au lendemain, d'abord il a fallu que s'installent la judéophobie, les calomnies, le racisme. Comme aujourd'hui lentement mais sûrement s'installe l'islamophobie, ne laissons pas l'histoire se répéter!». An ech mengen, dat ass eigentlech d'Roll vum Dialogue des cultures. A mir wäerten als Lëtzebuerg hei bei eis eise Bäitrag dozou leeschten.

Ech soen lech Merci.

■ Plusieurs voix.- Très bien.

■ **M. le Président**.- Merci, Här Minister. Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5507 iwwert d'Décharge vum Fridhaff. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen den Här Schaaf, den Calmes, den Här Gira an den Här Mehlen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Romain Schneider. Här Schneider.

(**M. Jos Scheuer prend la Présidence**)

6. 5507 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer au financement des travaux effectués en relation avec

- l'agrandissement et l'assainissement de la décharge pour déchets ménagers et assimilés au Friedhaff/Diekirch et la construction d'une installation de prétraitement mécanique et

- la construction d'une installation de prétraitement biologique par le syndicat intercommunal pour la gestion des déchets en provenance des ménages et des déchets assimilables des communes de la région de Diekirch, Ettelbruck et Colmar-Berg (SIDEc)

Rapport de la Commission de l'Environnement

■ **M. Romain Schneider** (LSAP), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 5507 handelt vun där finanzieller Participatioun vum Stat un den Investissementskäscht bei der Vergréisserung, der Verbesserung an dem Bau vun enger mechanischer Anlag fir d'Trennung vun dem Haushaltsmüll um Fridhaff engersäits an anerersäits dem Bau vun enger biologescher Anlag op deem Site.

De Projet gouf de 25. Oktober 2005 vun eisem Ëmweltminister Lucien Lux déposéiert; déi zoustänneg Chambres professionnelles hunn hir Avisen ofginn an de Conseil d'État huet säin Avis de 6. Dezember, also op Kleeserchersdag, ginn.

Den 30. Januar 2006 huet déi zoustänneg Ëmweltkommissioun mech als Rapporteur bestëmmt, an darselwechter Sitzung de Projet virgestallt an debattéiert a schlussendlech den 9. Februar 2006 de Rapport unanime ugeholl. Éier dese Rapport awer ugeholl gouf, huet d'Ëmweltkommissioun eng Visite op dem Site Fridhaff gemaach, fir sech sur place eng Iddi iwwert d'Aarbechten an d'Projeten ze maachen. Dës Visite war ganz opschlossräich an huet eis d'Aarbecht beim Begutachte vun deem Projet an och den Diskussiounen vun de Mëtten mierklech erlichtert.

Dir Dammen an Dir Hären, komme mer awer zum eigentleche Projet, deen, wéi gesot, de Finanzement vum Stat un den Investissementer op den Aarbechten um Fridhaff beinhalt.

Et handelt sech hei ëm Aarbechten, déi op där enger Säit vun 1998 bis 2004 realiséiert goufen a sech opdeelen op 17,9 Milliounen Euro fir Aarbechten op der Décharge an 3,8 Milliounen un der Installation mécanique, also 21,7 Milliounen insgesamt bei der Phas 1, a bei der Phas 2, bei der Installatioun vun der biologescher Anlag, 10,9 Milliounen, also insgesamt e Projet vun 32,6 Milliounen Euro Investissementer fir déi zwou Phasen.

De Stat participéiert laut Gesetz vum 31. Mee 1999 iwwert d'Kreatioun vun engem Fong fir d'Protection de l'environnement zu 25% un dese Käschten. A well dës Zomm mat 8.165.000 Euro iwwert dem Seuil vu 7,5 Milliounen Euro läit, huet laut dem Gesetz vum 8. Juni 1999 iwwert de Budget an d'Kontabilitéit vum Stat eng Loi spéciale misse gemaach ginn, iwwert déi mer och de Mëtten debattéieren an och wäerten ofstëmmen.

A sengem Avis hunn déi eenzel Chamberen de Projet positiv begutacht an och de Conseil d'État hat weéng Problemer mat deem Gesetz. An d'Kommissioun huet och d'Virschléi vum Statsrot, wéi d'Sträiche vun engem Artikel an d'Upasse vun de Käschten um Bauindex, zrëckbehalen.

Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer awer kuerz op den nationale Gestionsplang vun den Offäll an op d'Geschicht vun der Deponie um Fridhaff anzegoen, an och hir Entwécklung méi no ze preziséieren.

Am nationalen Offallgestiounsplang gouf de 15. Dezember 2000 festgehalen, dass dräi Installatiounen, déi vu Syndikater géréiert ginn, autoriséiert si fir d'Entsuerung vum Haushaltsmüll:

- de Site Leideleng géréiert vum Syndicat SIDOR,
- de Site Fridhaff géréiert vum Syndicat IDEC an
- de Site Muertendall géréiert vum Syndicat SIGRE.

An erlaabt mer an deem Kontext op de Site Fridhaff méi no anzegoen.

De Site Fridhaff, deen zwee km vun der Stad Dikrech ewech läit un der N27.

Hie besteet säit 1945 a krut 1972 duerch d'Kreatioun vum Syndicat IDEC eng nei Gérance.

Den aktuelle Site huet eng Superficie vun 11 ha.

1996 ass d'Capacitéit op 370.000 m³ geschat ginn an duerch verschidde Mesuren zwëschent 1998 an 2004 konnt eng supplémentar Capacitéit geschafe ginn.

De Gemengesyndicat IDEC regroupéiert de Moment, no der Fusioun vun enger Rei vu Gemengen, 55 Gemengen. De Moment sinn 42 Persounen bei dem Syndicat beschäftigt. D'Aarbechten op der Décharge kann een an dräi Phase regroupéieren.

1. Den Aménagement vun enger neier Aire de dépôt mat allen néidegen Infrastrukturen, mat engem Rückhaltebecken an engem Renforcement vun der Digue op der Décharge.

2. D'Mise en place vun engem Système d'étanchement mat Installatioun vun engem Sécherheetsdrainage.

3. D'Planifikatioun vun enger definitiver Couche mat Evakuatioun vum Waasser an de Gaser vun der Décharge.

Niewent dësen Aarbechten op der Décharge war et och noutwendeg, sech un de Règlement grand-ducal vum 24. Februar 2003, wat de Prétraitement vun den Décheten betrëfft, ze konforméieren. Sou gouf eng Installation de prétraitement mécanique installéiert, an elo wéi gesot 2006 gëtt eng Installation de prétraitement biologique installéiert, fir dem Règlement nozekommen.

Dir Dammen an Dir Hären, de Comité d'accompagnement permanent, deen den 20. Dezember 2001 kreéiert gouf, suivéiert d'Mise au point vun den Infrastrukturen um IDEC souwuel um technesche Plang wéi finanziellen a budgetären. Duerfir huet de Comité an enger Phas déi Projeten analyséiert, déi staatlech subventionéiert kënne ginn, an zweetens, déi verschidde Varianten, déi d'Nécessitéit vun enger Loi spéciale bedéngen, ënnersicht. Dobäi goufe genau déi Propose gemaach, déi mer de Mëtteg am Projet de loi erëmfannen.

Dese Projet ass also elo zum Schluss an zwee Artikelen zesummegefaasst:

Den Artikel 1: d'Participatioun un den Aarbechten op der Décharge an un der Installation mécanique mat der Zomm vu 5.433.852 Euro; d'Participatioun um Finanzement vun der biologescher Anlag mat der Zomm vun 2.912.223 Euro. Déi korrespondéiert mat dem Bauindex, verbessert vun 618,55 op den 1. Oktober 2005, an deen och ugepasst gëtt.

Den Artikel 2, dee seet, datt d'Dépense à charge ass vum Fong fir d'Protection de l'environnement.

Dëst zu mengem Rapport, an erlaabt mer am Numm vu menger Partei e puer Wieder un lech ze riichten, an elo schonn den Accord vu menger Fraktioun zu deem Finanzementsprojet ze ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, wa mer d'Offallbeseitigung an deene leschte Jorzéngte réckbléckend kucken, sou ass dach eng formidable ökologesche Entwécklung entstanen. Huet fréier all Bierger säin Dreck an en Drecksdéppe gehäit, respektiv nach méi schlëmm an der fräier Natur entsuergt, sou ass haut Dank der Mülltrennung an domat der Erfaassung vun deene verschiddenen Offallaarten eng nei Philosophie entstan.

D'Kultur, fir den Haushaltsmüll ze trennen, konnt positiv un de Bierger vermëttelt ginn. Ënnerstëtzt gouf dësen Trend duerch d'Opstelle vu sou genannte «Bulles» fir Glas a Pabeier. Awer och Haus-fir-Haus-Sammlunge vu Pabeier, a muncheruerts Glassammlungen an Haiser hunn derzou gefouert, datt de Müll effikass schonn an enger éischter Phas konnt getrennt ginn.

Containerparken, déi mat der Zäit entstane sinn, ginn dem Bierger eng weider Méiglechkeet seng Offallentsuergung geziilt ze organiséieren. Véier vun dëse Containerparke stinn um Territoire vun Syndicat SIDEC Lenzweiler, zu Wolz, zu Réiden an zu Miersch.

Duerch de Fonctionnement vun der SuperDrecksKëscht op verschid-dene Sitë konnte weider delikat Elementer aus dem Müll eraussortéiert ginn. Dëst huet erlaabt, datt de Restmüll méi kleng konnt gemaach ginn. Op dem SIDEC kënnen an Zukunft duerch d'mechanesch Behandlung vum Müll an duerch déi nei biologesch Anlag dës Wäerter nach verbessert ginn.

Mat Sécherheet wäerten déi Responsable vum SIDEC och all Schrëtt ënnerhuelen, fir d'Nuisancë fir d'Personal, d'Bierger an déi ëmgrenzend Gemengen ze verbesseren a komplett ze eliminéieren. An ech erlabe mer net am Detail op dës Polemik anzegoen; aner Leit hunn dat zur Genüge an der Press bis elo gemaach.

Dir Dammen an Dir Hären, duerch Aarbechten op der Deponie Fridhaff wäert op dësem Site Plaz sinn, fir bis 2017-2024 de Restmüll ze stockéieren. Den Ausbau vun der Deponie an d'Ariichtung vun der mechanescher a biologescher Anlag stelle weider Kapazitéite fräi a wäerten de Restmüll weider reduzéieren. An awer heescht et elo schonn, sech zesummenzesetzen fir d'Zukunft vun dëser, a generell eise Mülldeponien ze plangen.

Duerfir mäin Appel un d'Syndikater SIDEC, SIGRE a SIDOR sech zäiteg mat de Vertrieeder vun de Ministèren zesummenzesetzen, fir eng national Léisung fir déi nächst Generatiounen ze plangen. An dësem Sënn sinn dës zwou Phasen éischt Schrëtt dozou. Wéi uganks gesot, wäert eis Partei dëse Projet och unanime stëmmen.

Ech soen lech Merci fir Äert Nolauschteren.

M. le Président. - Merci, Här Schneider. Den nächste Riedner ass den Här Schaaf. Här Schaaf, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Jean-Paul Schaaf (CSV). - Sout. Här President, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt fir d'éischt mol dem honoreabel Rapporteur, dem Romain Schneider, hei Merci soe fir säi ganz detailléierte Rapport. Zuele brauch ech da keng méi erëmze-ginn, déi waren alleguerter genannt. Ech kann also direkt zu deem kommen, wat ech als Remarque e weëneg, an als Commentaire zu dësem Projet wollt hei soen.

Et ass esou, dass jidderee vun eis heibanne grad ewäi vun de Leit do-baussen am Normalen eemol an der Woch deeselwechte Geste mécht: Nämlech da setze mer moies eng voll DrecksKëscht virun d'Dier, an owes huele mer eng eidel erëm eran. A fir vill Leit ass domadder d'Entsuergung vum Haushaltsdreck ofgeschloss. Et gëtt awer och anerer. Et gëtt der vill, an et gëtt der ëmmer méi Gott sei Dank, déi do dernieft den Effort vum getrennte Recycling maache vu Glas, Pabeier, Metall, Plastik, Holz, Gréngschnëtt, Problemstoffer a Kompostoffäll, déi dann enger separater Verwärtung kënnen zougefouert ginn.

Dëse Projet de loi ass u sech en einfachen Text iwwer eng Kofinanzéierung vum Stat. Mir ginn eis awer d'Geleeënheet emol ervirze-sträichen, dass déi Saach mam Dreck keng esou eng einfach Missioun ass fir eis, mä awer och fir déi dräi Offallsyndikater haaptsächlech, am Fall vum SIDEC am Besonneschen, dee mer hei hunn. Och fir si ass et ganz oft eng on-dankbar Missioun, sech mam Knascht vun deenen anere Leit mussen ofzeginn.

Déi modern Offallwirtschaft huet awer net prioritär zum Zil, deen do-

ten Dreck ze entsuergen, mä huet prioritär awer och zum Zil Offall ze vermeiden. D'Endlagerung op der Deponie, dat ass ëmmer nëmmen d'Enn vum Lidd. An duerfir ass d'Preventioun an déi getrennte Kollekt vum Offall déi absolut Prioritéit, sou dass am Endeffekt nëmmen de Reschtmüll, deen, deen net méi ka kompostéiert oder recycléiert ginn, entweder deponéiert oder verbrannt gëtt.

De legislative Kontext, an deem sech d'Offallsyndikater bewegen, imposéiert jo och engersäits d'Reduzéierung vum Reschtmüll, an dat kontinuëierlech an der Zäit, an och d'Behandele vum gesammelten Offall. De SIDEC investéiert, fir dorobber ze reagéieren, zënter 1998 a mécht dann och elo déi mechanesch Opbereedung, a wäert an Zukunft déi biologesch Behandlung vum Reschtmüll nach hannendrunhänken.

Et ass interessant ze gesinn, dass dat och Sënn mécht. Wann een d'Statistike kuckt, dann hu mer 1994 am Land pro Kapp 489 Kilo Dreck bei deenen dräi Syndikaten ofgeliewert. Zéng Joer duerno sinn dat nach 428 Kilo pro Kapp. Dat ass eng Reduzéierung vun 12,5%.

Ënnert dem Impuls vum Stat, mä besonnesch awer vun de Gemengen, déi iwwert de Wee vun hire Syndikater sech dëser Aufgab un-huelen, sinn eng ganz Rei Initiative geholl ginn, wat de Recyclinge ubelaangt. De Romain Schneider huet et och scho gesot, dass Recycling-Parken an d'Liewe geruff gi si vun de Gemenge respektiv vun de Syndikater. De SIDEC, deen déi Haushaltsdeponie zënter 1972 bedreift, huet zenterhier eng Millioun Kubikmeter Dreck deposéiert. Déi Zomm, déi de SIDEC bis elo investéiert huet, an där Zäitspann, déi eis hei concernéiert, vun 1998 bis 2007, ass eng Zomm vun 32 Milliounen Euro, also eng grouss Zomm, déi mer elo hei mat 25% vum Stat kënnen subsidiéieren.

Duerch déi mechanesch a biologesch Behandlungsanlag gëtt deen ugeliwwerten Offall zerklengert an duerno an dräi Zorte vu Müll opgedeelt a weiderverschaft. Dat ass engersäits deen, deen e gudd Brennwäert huet. Dat sinn 20% bis 35% vun der Capacitéit, déi an enger Müllverbrennungsanlag - där hu mer jo nëmmen eng am Land, um SIDOR - kënnen verbrannt ginn. Dann déi, déi nach kënnen direkt recycléiert ginn, déi Partien, déi Eisen, déi kënnen erausgeholl ginn. A schliesslech de Reschtmüll, deen no engem biologeschen Traitement dann definitiv um Tipp deposéiert gëtt.

Dee biologeschen Traitement - an och dat ass interessant fir eis an och interessant fir d'Leit - ass also esou eng Reschtoffallbehandlungsanlag, déi ëmmerhin hei mat 2,9 Milliounen Euro zu Buch schléit. Déi suergt net nëmmen derfir, dass den Dreck sech am Volume reduzéiert, mä awer och dass manner Gasen entstinn; dass déi désagréabel Gerösch erofginn; dass d'Sickerwaasser - wat ëmmer e Problem vun all Tipp ass - nees eng Kéier ka benotzt ginn zur biologescher Behandlung, an dass eben duerch déi ganz Installatiounen den Dreckstipp um Fridhaff nach zéng Joer kann exploitéiert ginn. Also ronn fënnef Joer méi laang, wéi ouni deen doten Invest.

Dat werft awer, wann een dat esou héiert, d'Fro natierlech op, firwat een hei esou vill Suen investéiert, wann nach esou eng kuerz Lafzäit hannendrun ass. Duerfir wëll ech awer bemierken, dass eiser Aschätzung no deen Tipp net 2007 seng Dieren zoumécht, mä dass selbstverständlech d'Asammen, den Tri, de Recycling, déi mechanesch an déi biologesch Verbehandlung vum Dreck ëmmer, och nach duerno, weider genotzt ginn, also wäerten net op der SIDEC 2017 d'Luuchten ausgoen.

Niewent där biologescher a mechanescher Reschtoffallbehandlungsanlag - ee relativ komplizéier-

ten Terme - soll een awer och de Bléck drop geheien, dass aner Saachen hei investéiert gi sinn, nämlech d'Erweiterungs- an d'Sanéierungsarbechte sinn ofgeschloss no sechs Joer Bauzäit an déi hu sech charakteriséiert do-duerch, dass riseg Menge vun Offäll- an Äerdëmlagerungsarbechten hu missen ausgefouert ginn.

Op enger Fläch vu 37.000 m² gouf den Äerdbuedem opwendeg geschützt, et goufen Dichtungsschichten agedroen, fir dass eben d'Schmoltzwaasser net méi onge-néiert kann an d'Grondwaasser andrängen, do derniewent Schmoltz-a Sickerwaasserkanäl, Kanäl- uewerflächen, Kilometere vun Drainage a Kanäl mat Opfangbecken a sou weider, also ee ganz groussen Invest an d'Sécherheet vun de Leit a vum SIDEC-s-Tipp. Grouss Dealer vun der Deponie, déi net méi a Betrib sinn, goufen zousätzlech mat enger Leemschicht versinn, fir eben och d'Witterungsafloss ewechzehalen, woumat ebe kee Reewaasser méi duerch den Deponiekierper dréngt an domadder och d'Sickerwaasserproblematik reduzéiert konnt ginn, grad wéi déi intensiv Gerochsentwécklung, déi nun eemol bei der Zersetzung vun organesche Stoffer entsteet.

Här President, duerch dës Aarbechte konnt d'Capacitéit vun der Deponie vergréissert ginn an deemno och, wéi scho gesot, d'Liewensdauer. Mä net nëmmen. Déi Sanéierungsarbechten haten och zum Zil e bessere Schutz fir Mënsch an Ëmwelt. Deen, deen en Tipp bedreift, deen ass och ëmmer e bëssen - ob hie wëllt oder net - op der Uklobänk. Den Offall gëtt als potenzial geféierlech agestuft an hien ass et jo och eigentlech. Duerfir kënn op déi Verantwortlech vum SIDEC eng ganz grouss Noutwendegkeet vun totaler Transparenz an Offenheet zou.

An de leschte Wochen hu sech an der Öffentlechkeet eben eng Rei Leit zu Wuert gemellt, déi dem SIDEC-s-Tipp net richtig trauen. Mir wëssen, dass deen alen Deel vum Tipp net esou ofgedicht ass wéi déi modern Deponiedeeler, dass den Ofwaasserkollekter net ofgeschiermt bis an d'Kläranlag vum SIDEN leeft, mä einfach an de Kanal vun lerpeldeng, dass e Risiko vu Contaminatioun vum Grondwaasser besteet, dass eng Rei Analysen héich Wäerter opweisen, och wa se net iwwert de Grenzwäerter fir d'Aspeisung an der Kläranlag leien.

Ech maache mer och Gedanken, wann ech d'Resultater kucke vun de Waasseranalyse vun der Ëmweltverwaltung vum Dezember 2005, déi op verschidde Plazen um Tipp geholl goufen. Déi weisen deelweis anormal héich Konzentratione vu verschiddene Stoffer op, zum Beispill Ammoniak.

Well och Onkloerheet bei enger Rei vun Analysen an e Gefill vun Onsécherheet besteet bei enger Rei vun Awunner, huet den neie Gemenge-rot vun lerpeldeng decidéiert, onofhängeg Analysen duerchze-féieren an och öffentlech zougänglech ze maachen. Domadder wëlle si vun neutraler Plaz nowiesen, ob eng Gefor fir d'Ëmwelt besteet, Jo oder Neen, a si wëllen och sécherstellen, dass d'Quellen-aspeisung vum lerpeldenger Drénkwaasser net duerch den Tipp a Gefor ass.

Ech wëll hei kengem de Prozess maachen; ech wëll awer soen, dass et wichteg ass, déi Noutwendegkeet vun Transparenz gëllen ze loossen an alle Situatiounen, dass een Informatiounen muss publik maachen, Kritiker empfänken a Leisungen erklären.

Mat deenen Investissementer, déi haut decidéiert ginn, gëtt déi De-

ponie méi sécher, kritt méi eng laang Liewensdauer an erfëllt besser déi ëmweltspezifesch Ufuerderungen. A wann och nach dëst Joer vum Ofwaassersyndikat SIDEN deen neien Uschloss un d'Kläranlag realiséiert gëtt - dee wäert dëst Joer an de Chantiers-stadium kommen -, da kann ee sécher sinn, dass d'Sickerwaasser net méi mam Kanalnetz vun lerpeldeng a Beréierung kënn an domadder e groussen Deel vum Problem wäert geléist sinn.

De Fait awer, dass hei de Stat hëllef bezuelen, heescht net, dass alles an der Rei ass, an et heescht net, dass all Zweifler Onrecht huet. De Fait, dass mer haut dëst Gesetz stëmmen, dat gëtt dem SIDEC Sécherheet a finanziell Moyenen, seng Investissementer am Intérêt vun der Saach a vun der Sécherheet vun de Bierger weiderzedreien.

Här President, an engem leschte Punkt wollt ech nach eng Kéier op déi Lafzäit vun der Deponie zrëckkommen. Et ass virgesinn, dass den Tipp bis 2017 ënnert där Form, wéi en haut fonctionnéiert, ka fonctionnéieren, an da wäert hie voll sinn. Duerfir wier et jo wichteg, dass een haut scho sech Gedanke mécht, wéi et no 2017 kann ausséinn.

Duerfir gëtt et eng Rei Froen: Brauche mer eng aner Deponie am Norden? Bleiwe mer beim System, dee mer haut kennen? Kënnen déi dräi Syndikater nach besser zesummeschaffen? Musse mer net eng Kéier eng Müllverbrennungsanlag kréien, déi eng national Léisung kann duerstellen? Dës Froen no enger zukünftger sécherer Offallentsuergung sinn net nëmme politesch Froen; et sinn och technesch a souguer wëssenschaftlech Froen.

Duerfir, Här Ëmweltminister, sidd Dir gewëllt mat allen dräi Syndikater un engem flächendeckende System fir ganz Lëtzebuerg ze schaffen, woubäi, denken ech, déi Reschtlaufdauer vum SIDEC den Timing muss virgi respektiv d'Fro no der Visioun vum Ëmweltministère fir d'Offallentsuergung no 2017?

Ech wëll schlësse mat zwou Bemerkungen: Éichtens, dem Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet, an zweetens der Ausso, datt trotz aller Polemik a Kritik, déi ver-eenzelt un der Gestioun an un der zaghafter Öffentlechkeetsaarbecht geäussert ginn ass, ech vun dëser Plaz aus de Verantwortlechen an de Mataarbechter vum SIDEC duerfir Merci soe wëll, dass all Woch ronn 100.000 Awunner aus eise Land aus 57 Gemenge moies hir DrecksKëscht kënnen voll eraussetzen a se owes propper, eidel kënnen eranhuelen.

Merci.

M. le Président. - Merci, Här Schaaf. Als nächste Riedner ass den Här Emile Calmes agedroen. Här Calmes, wann ech gelift.

M. Emile Calmes (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, datt eis modern Gesellschaft hautesdags vill - Verschiddener soen, ze vill - Dreck produzéiert, dat ass eng Tatsaach, déi sech och mat deene performantsten technesch Méttelen net ewechrationaliséiere léisst, mä dat kann dach net bedeuten, datt mer de Kapp an de Sand stieche virun deem Problem an einfach kapituléieren, mä mir sinn au contraire dozou opgefuerdert, de Problem konsequent unzegoen.

Am Joer 2000 gouf de Plan national de gestion des déchets opgestallt An deem Plang ass virgesinn, d'Quantitéit vu produziéiertem Offall pro Awunner ëm 30% ze reduzéieren. Fir datt dëst Zil kann erreecht ginn, sinn eng ganz Rei vu Mesuren noutwendeg. Op där enger Säit mussen d'Leit fir d'Offallvermeidung sensibiliséiert ginn, an ech mengen, datt hei schonn an de leschte Joren eng Partie grouss Efforté gemaach gi sinn an datt och

dës Efforten hire Succès haten - leider net genuch. Op där aner Säit muss dann awer dofir gesuergt ginn, datt dat, wat vun Offall bleift, an dat trotzdem net ka recycléiert ginn an erëm verwäert ginn, méiglechst ëmweltgerecht a mat Hëllef vun deenen neisten technesche Méttelen ka gelagert ginn.

De virleiende Projet de loi gesäit vir, dass de Stat sech mat ronn aacht Milliounen Euro un der Vergréisserung an der Sanéierung vum Site Fridhaff bedeelegt. Weiderhin deckt de Projet déi finanziell Bedeelegung vum Stat un der Installatioun vun enger Anlag of, déi et erméiglecht Offall, éier en op der Deponie gelagert gëtt, ze trennen.

De Règlement grand-ducal vum 24. Februar 2003 gesäit vir, dass Haushaltsoffäll virun hirer Entlagerung op der Deponie mussen no bestëmmte Kritäre traitéiert a gesënnert ginn. Elo ass et nëmme logesch, dass de SIDEC dëse Virschrëfte wëll gerecht gi mat der Installatioun vun enger mechanesch, biologescher Anlag, déi esou eng Trennung vun den Offäll erméiglecht. Eng Anlag, déi ënner anerem d'Eisen an déi Komponente mat héijen Heizwäerter fir d'Verbrennung vun der SIDOR aus-sortéiert, fonctionnéiert zënter 2002 um Fridhaff. D'Installatioun vun enger Anlag, déi biologeschen Offall aussënnert ass fir dëst Joer virgesinn - déi Aarbechte wäerten eng Rei vu Méint daueren, éier se dann a Betrib kënnen goen - an hei gëtt dat organesch Material ofgebaut, éier dann de Rescht um Site deponéiert gëtt.

Déi aner Donnéeë sinn elo hei gesot ginn, wat den Historique ugeet, wéi vill Restcapacitéit do bleift, datt déi verduebelt ginn ass an dass dësen Tipp ënner Ëmstänn bis 2017 respektiv 2024 - jee vu welleche Schätzungen een ausgeet - ka fonctionnéieren.

Mäi Virriedner huet et hei ugedeit, datt an deene leschte Joren awer eng Rei vu Kritiken un dëse Site gericht gi sinn, wat d'Ofwässer vun der Deponie ugeet. An trotz Investitiounen, déi an deene leschte Joren durchgefouert gi sinn, konnten eng Rei vu Problemer an dëser Richtung hei, déi mat der Deponie zesummenhänken, scheinbar net geléist ginn. A wann een deene betraffene Kritiker do nolauschert, da kommen ëmmer déiselwecht Froen a Kritiken op.

Ëmmer erëm heescht et säitens de Kritiker, mat un der Spëtzt den Nico Jäger - deen eis virun all Wahlcampagne op d'Prouf stellt, net nëmme meng Partei, mä och all déi aner Parteien, fir deen de Problem allerdéngs och eréischt méi grouss ginn ass, zënterdeem de Kolleeg Gira d'Presidentschaft iwwerholl huet, virdru war déiselwecht Problematik op d'mannst gradesou grouss, deemools huet een d'Kritike manner grouss héieren -, vu Bedenken, déi ëmmer erëm an déiselwecht Richtung ginn, an zwar dass d'Behandlung vun den Ofwässer beileiwen net optimal wier.

Et gëtt drop higewisen, datt dat d'lerpeldenger Gemeng Problemer mat de Quellen hätt, datt ondicht Plazen an der Ofdichtung vum Tipp wieren, datt doduerch nei Problemer kommen, datt d'Fëschweiere verknascht wieren an datt domat och heiansdo d'Fësch géife stierwen.

Och géif sech d'Fro gestallt ginn, firwat den Tipp vum SIDEC anescht wéi déi aner Deponien dann nach ëmmer keng Kläranlag fir d'Sickerwaasser huet. Wéi kann et sinn, datt d'Spulleitung vun der Sickerwaasserleitung direkt an d'Sauer leeft? Firwat gouf eng Zwëschenofdichtung aus Asphalt gebaut? Hält dës Ofdichtung och dann, wa sech den Dreck vun der Deponie iwwer e puer Meter setzt? Dat sinn alles Froen, déi verschidde Leit am Einzugsgebit oder Anrainer sech hei stellen an déi ech scho 15 Joer laang ze héiere kréien.

Ech zweifelen net un der gudder Gestiou vum deem Tipp hei vu mengem Kolleeg, dem President Camille Gira, och net un der Kompetenz vum Direkter Armand Schmitz. Trotzdem mengen ech, datt de Kader vum deem Gesetz hei déi richteg Plaz ass, fir vläicht eng Kéier offiziell Stellung ze huelen, dëst vum Minister, deen de Problem jo och da misst kennen, fir ee fir allemol Kloerheet ze kréien. Ech gi jo dovun aus, datt dat Beschte hei gemaach ginn ass, datt wéi ëmmer d'Problemer net vun haut op muer kënne geléist ginn an datt déi néideg Schrëtt entaméiert gi sinn, fir datt dann - sou wéi ech dat jo an engem Interview konnt liessen - deemnächst déi Problemer kënne geléist ginn.

Ech riichte mech hei un den Ëmweltminister. A sech misst ech mech un den Innenminister riichten, an et ass am Fong geholl schued, datt deen net hei ass, well et ass jo awer den Innenminister mat sengem Waasserwirtschaftsamt, deen zoustänneg ass fir d'Qualitéit vun de Gewässer. Wann hei eppes net soll klappen, da wier et jo awer esou, datt iwwert déi Sickerwässer, déi sollen duerch d'Ierpeldenger Kanalnetz op de SIDEDEC lafen, dat misst festgestallt ginn, datt d'Qualitéit vun deene Wässer an engem ganz schlëmmen Zoustand wier. Oder wa se an d'Sauer géifen ofgeleet ginn, datt dann dat den Innenminister misst nervös maachen. Mä säitens dem Innenminister a soss dem Waasserwirtschaftsamt héiert ee relativ weineg.

Duerfir wier et vläicht gutt, wann op d'mannst iwwert dee Problem do, dee sech a sech haaptsächlech ëm d'Waasser dréint, säitens dem Innenminister eng Kéier eng Kloerstellung géif kommen. Oder waarde mer erëm drop, bis den nächste Summer kënn a mer de Communiqué erëm erausginn, fir ze soen, datt d'Sauer keng Qualitéit huet fir dra schwammen ze goen? Méiglecherweis ass de Communiqué scho fäerdeg am Tirang fir den nächste Summer erëm erauszeginn. Ech hoffen, datt dee Problem dann op d'mannst fir déi nächst Wahle geléist ka ginn, datt een da roueg déi Wahlcampagne ka maachen, ouni am Raum Ettelbréck permanent mat deem Problem do befaasst ze ginn.

Ech mengen, datt awer an deene leschte Jore gutt geschafft ginn ass um SIDEDEC-s-Tipp an dat Beschtméiglechte gemaach ginn ass - an d'Chiffere weisen dat jo -, fir dee Site hei optimal ze gestalten. Well ech doru gleewen, datt déi Investitiounen, woumat dat finanzéiert gëtt, och an déi richteg Richtung ginn an domat den Hauptobjektiv erfëllt gëtt: d'Reduzéierung an d'Vemeidung vum Offall, a virun allem och mam Resultat, datt dat, wat net ze vermeiden ass, gutt gelagert gëtt, géif ech am Numm vun eiser Fraktioun den Accord zu deemem Projet hei ginn an lech Merci soe fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. le Président.** - Merci, HâR Calmes. Den nächste Riedner ass den HâR Camille Gira.

■ **M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).** - HâR President, Dir Damen an Dir Hâren, meng Virriedner hu scho praktesch alles gesot, wat ze soen ass. Besonnesch de Rapporteur huet am Detail a sengem schréfftlechen a mündleche Rapport dat gesot, wat eigentlech ze soen ass, och nach als Spriecher vu senger Fraktioun, sou dass ech him hâerlech wëllt Merci soen an dass ech mech och relativ kuerz kann halen.

HâR President, déi Gréng wäerten dëse Projet stëmmen, well déi Investissemerter, an deenen de Stat sech hei bedeelegt, an déi vum SIDEDEC gemaach gi si respektiv nach wäerten dëst Joer virun allem, mä och nach uganks d'nächst Joer gemaach ginn, der Ëmwelt zegutt kommen.

Si bestinn eigentlech aus zwee Voleten: Op där enger Sait eng Sanéierung vun Allaaschten aus de 70er, 80er, och nach Ufank 90er Joren an eng Upassung vun der Deponie selwer un d'Kritäre vun haut, an zweetens, deen zweete Volet, d'Zurverfügungstelle vun enger moderner Virbehandlung vun dem Reschtoffall.

Zum éischte Volet - et ass schonn erwähnt ginn: Bekanntlech gëtt zënter 1945 an dat Lach do Dreck getippt, an Dir kënn lech virstellen, wéi dat bis d'90er Jore war a wat do bis d'90er Joren alles an dat Lach gaangen ass. E bëssen erstaunlech ass et schonn, dass während 40 Joer kee Mënsch eppes dobäi fonnt huet, an eréischt déi lescht véier, fënnf Joer, wou eigentlech op eng Manéier, déi absolut konform ass zur europäescher an nationaler Gesetzgebung, geschafft gëtt, elo op eemol Problemer optauche sollen, wou 30, 40 Joer laang keng solle gewiescht sinn. Dat ass schonn awer e bëssen erstaunlech.

1988 ass dunn - an dat och fir d'éischt hei am Land - eng éischt Basisofdichtung op deen Tipp komm, a vun do u kann een eigentlech vun enger eenegermoosse valabeler ekologescher Gestiou vun deem Tipp do schwätzen.

Elo ass et awer richteg, dass derneient awer nach eng Rei Secteuren, déi scho méi al waren, nach keng Basisofdichtung haten. Iwwert déi ass dann elo eng Tëschenofdichtung geluecht ginn, a wann den Tipp dann an zéng, zwielef oder 15 Joer, loosse mer hoffen, zou ass, da kënn och nach eng Kéier eng generell Ofdichtung iwwert dee ganzen Tipp, 70, 80 cm Leem, sou dass praktesch kee Waasser méi duerch den Tipp leeft.

Fir lech ze weisen, wéi effikass a wéi schnell déi Tëschenofdichtung do schonn hir Resultater bréngt, vläicht folgend Chifferen: Et sinn 2002 25.000 m³ Sickerwaasser - net, HâR Calmes, an d'Sauer, well wéi een Intérêt hätte mer dorun -, mä integral, kann ech lech berouegen, an d'Klärnlag um SIDEN gelaf.

(**Interruption**)

Dofir bezuele mer ëmmerhin 150.000 Euro - an Dir mat der Gemeng Préizerdau en Deel dovun mat -, 150.000 Euro Taxen un de SIDEN. Et wier jo pervers, wann en Offallsyndikat géing 150.000 Euro Taxe bezuelen an dann derneient d'Sickerwaasser an d'Sauer lafe géing loosse! Wéi kéim dann een dozou, onofhängeg vun der Ekologie?

Mä hate mer 2002 nach 25.000 m³ Sickerwaasser,...

■ **M. Emile Calmes (DP).** - HâR Gira, ech hunn dat net gesot!

■ **M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).** - Neen, ech hunn domat...

(**Interruption**)

...eng vun Äre wichtege Froe beäntwert, déi Dir hei opgeworf hutt, déi d'Leit ëmmer stellen, ob dann iergendwellecht Sickerwaasser géing an d'Sauer lafen. Ech kann lech hei berouegen: Et leeft kee Sickerwaasser an d'Sauer, et leeft integral an d'Klärnlag vum SIDEN a gëtt do onproblematesch verschafft.

Mä dat Sickerwaasser ass vu 25.000 m³ 2002, nodeem déi Tëschenofdichtung gebaut ginn ass, zréckgaang op nëmme 7.500 m³, dat an Zäit vun dräi Joer. Do mierkt Der, wéi effikass a gutt déi Aarbechten, déi mer hei kofinanzéieren, sinn.

Mä et ass schonn ugeschwat ginn: D'Zil ka jo net sinn, ekologesch ze deponéieren, mä mir musse jo emol virdru kucken, e Maximum ze reduzéieren. An ech wëll awer hei drop hiweisen, dass de SIDEDEC eigentlech enorm Efforten zënter 1994 gemaach huet. 1994 ass dat neit Offallgesetz komm, a vun enger Gestiou vun iergendwel-

lechen Infrastrukture si mer jo opgefuerdert ginn als Gemengen, eng Gestion intégrée des déchets ze maachen.

Ech wëll awer hei emol ervirsträichen, dass eigentlech deemools de SIDEDEC deen eenzege Syndikat war, dee sech konform gesat huet zu deem Offallgesetz an deen emol gesot huet: „Mir änneren eis Statuten.“ Well bis dohi war de SIDEDEC eigentlech net méi an net manner wéi d'Gestiou vum deem Tipp um Fridhaff. Dunn ass geruff ginn: „Mir wëllen d'Gestion intégrée maache vun deem ganzen Offall!“ Mir hunn dat och duerchkritt bei eise Gemengen alleguerten. An zënterhier bekëmmert de SIDEDEC sech ëm déi integral Gestiou vun den Offäll. Dat hunn déi aner zwee Syndikater net gemaach!

Mam Resultat, dass mer am Oste bis haut nach kee flächendeckend Netz vu Recyclinghaff hunn; mam Resultat, dass mer am Süden zwar e ganze Koup esou Infrastrukturen hunn, mä dat awer deelweis chaotesch vir sech gaangen ass, a mer elo bei der Réorganisation territoriale feststellen, dass mer eng Multitude vun Offallsyndikater am Süden hunn.

Ech wëll drop hiweisen, dass am Norden deen dote Problem an deem Sënn geléist ass, dass mer ee Syndikat hu fir de ganze Volet Gestion des déchets, an eng Gemeng, déi beim SIDEDEC Member ass, brauch sech ëm guer näischt méi ze bekëmmern, wat de ganze Volet ubelaangt. Souguer d'Bullen, déi an deenen eenzelnen Dierfer stinn, gehéieren dem SIDEDEC a gi vum SIDEDEC géréiert. Dat awer emol fir eng Kéier déi fundamental aner Approche vun deem Syndikat vis-à-vis vun deenen zwee aneren duerstellen.

Dozou gehéiert dann och eng Sensibiliséierung mat enger Zeitung, mat Opklärungsblieder op deenen eenzelne Recyclinghaff, dozou gehéiert natierlech d'Collecte sélective, Pabeier an esou weider an esou fort. Et ass ugeschwat ginn an Tëschenzäit - an déi Investissemerter kommen nach nieft déi, déi hei subventionéiert ginn, déi ginn op en anere Wee subventionéiert -: e flächendeckende Recyclinghaff mat fënnf Recyclinghaff am ganzen Norde verdeelt. Mam Resultat, dass am Beräich vum SIDEDEC praktesch kee Mënsch méi wäit wéi siwen, aacht Kilometer vun deem nächste Recyclinghaff wunnt, wat einfach dozou féiert, dass d'Resultater och excellent sinn.

Et muss een och wëssen, dass de SIDEDEC u sech praktesch d'Haltschent vum Land ofdeckt, mat awer nëmme 100.000 Awunner an Awunnerinnen, mam Resultat, dass ee vun den immense Käschtefaktoren natierlech den Transport ass. An dass, wann een e ländlech strukturéierten Offallsyndikat huet, een aner Léisunge muss sichen, wéi wann een an der Stad Lëtzebuerg ass, wou ee praktesch déiselwecht Awunner an engem Ëmkrees vu fënnf Kilometer sëtzen huet.

D'Iwwerleeung dovun, d'Konsequenz dovun ass, dass de SIDEDEC sou wäit wéi méiglech probéiert, mat der Landwirtschaft zesummenzeschaffen, eng Gréngschnëttsammlung opgebaut huet, wou mat 23 landwirtschaftleche Betriber dezentral Ofhuelstellen ageriicht si ginn.

E Resultat och vläicht dovun, dass et esou verspreecht ass, ass, dass de SIDEDEC décidéiert huet, déi ganz Aarbechten an eegener Regie ze maachen, fir déi Saach besser ënner Kontroll ze hunn. Et wëll een awer och kann dodriwwer diskutieren.

Offall ass en heikele Beräich an dat ass haut schonn e puermol ugeschwat ginn. Et huet ee schonn x-mol vun internationale Skandalen

héieren, wou Firme probéiert hu mat Offall ganz vill Geld ze verdéngen. An duerfir waren déi Verantwortlech vum SIDEDEC der Meinung, dass een dat alles an Eegeregie soll maachen, well een dann awer, mengen ech, de wirtschaftlechen Drock eraus hätt a mat sengen eegene Leit besser Hand iwwert dat huet, wat do geschitt. An awer bleift natierlech no all deenen Ustrengungen e ganze Koup Reschtmüll. Déi Zuele si glécklecherweis substanzuell erofgaangen, mä weiderhi brauche mer awer nach eng Plaz fir de Reschtmüll.

An da kommen ech bei den zweete Volet vun deenen Aarbechten, déi gemaach si ginn. Et ass awer haut d'Erkenntnis, dass et absolut Onsënn wier, de Reschtoffall einfach esou ze deponéieren oder ze verbrennen, an duerfir sinn ebe modern Virbehandlungsanlagen, mechanesch biologesch Anlagen, entwéckelt ginn. An där mechanesch Anlag gëtt de Reschtmüll zerklengert, d'Metaller ginn erausgeholl an alles, wat méi grouss wéi 15 cm ass, déi sou genannt heizwäerträich Fraktioun, gëtt enger thermescher Verwärtung zougefëiert, wou da Stroom a vläicht och iergendeng Kéier nach Hëtzt kann domat produzéiert ginn. An Zäiten, wou mer CO₂ mussen aspieren, mengen ech, ass dat vill méi sënnavoll all déi Saachen an enger proporer Verbrennung ze entsuergeren, wann ech esou dærf soen, wéi dat op en Tipp ze geheien, wou et guer näischt méi bréngt, wou et just eng Verschwendung vu Rohstoffen ass.

Déi biologesch Anlag, déi elo am Bau ass, do soll deen zerklengerten Offall an enger geschlossener Anlag nach eng Kéier sechs Wochen op Mieten gesat ginn, an d'Sickerwaasser vum Tipp gëtt do verwäert. Fir dann déi Fro, déi och dacks op gewësse Plazen optaucht, ze beäntwerten, wann een e Konzept entwéckelt huet, wou ee säi Sickerwaasser ka praktesch am Circuit fermé um Site selwer verwäerten, da mécht et jo kee Sënn nach eng extra Klärnlag ze bauen. Dat huet jo kee Wäert, dat ass Verschwendung vun öffentleche Gelder, an do uewen um Fridhaff gëtt probéiert mat deenen öffentleche Gelder sou gutt wéi méiglech ëmzegoen an duerfir ass eng Léisung gesicht ginn, fir dat Sickerwaasser um Site selwer kënnen ze verwäerten.

Déi ganz mechanesch biologesch Anlag erlaabt et, deen Offall, deen do uewen ukënn, ëm 50% ze reduzéieren. An dat erkläert och, firwat d'Lafzäit vun der Deponie duerch déi do Anlage wesentlech konnt verlängert ginn. Et huet awer och de Virdeel, dass deen Offall, deen deponéiert gëtt, praktesch mineraliséiert ass, mam Resultat, dass do vill manner Gas an natierlech dann nach eng Kéier e ganze Koup manner Sickerwaasser entsteet.

Wann déi biologesch Anlag fäerdeg ass, wäert dat eng vun de modernsten Anlage wäit a breet sinn, allen Unkenruffen zum Trotz.

Ech sinn elo e bëssen an enger schlechter Situatioun, well ech jo eigentlech hei net als SIDEDEC-s-President meng Ried hei halen an ech mengen och net, dass et d'Plaz ass, fir op eng gewësse Polemik anzegoen. Mir haten d'lescht Woch eng Pressekonferenz, wou mer Punkt fir Punkt op déi Punkten, déi gewësse Leit opgeworf hunn, geäntwert hunn. Ech ka mech iwwer gewësse Remarquen hei nëmme wonneren, wa vu Manktum un Transparenz geschwat gëtt.

Ech wëll drop verweisen, dass de SIDEDEC a ganz demokratiesch organiséierte Syndikat ass, deen net mam Delegéierteprinzip fonctionnéiert, mä am SIDEDEC huet trotz 55 Gemengen all Gemeng en Delegéierten, deen do ass. Ech mengen, mir si bestëmmt mat deen eenzege Syndikat, deen e Rapport vun alle Komiteessitzungen, net nëmme un d'Schäfferéit verdeelt, mä un all d'Conseilleren. Duerfir

mengen ech, ass et awer e bëssen erstaunlech, dass eng Rei Leit hei Froen iwwert dat stellen, wat do uewen ass. All déi Joren hätte se kënnen hiren Delegéierten, dee Représentant am SIDEDEC ass fir hir Gemeng, froen. Fir de Rescht sti selbstverständlech déi sämtlech Analyse zur Verfügung. Ech stelle just fest, dass déi Leit, déi am meeschten oder ganz vill Lieserbréiwer schreiwen, nach ni douewen um Tipp waren an och nach ni iergendeng Informatioun gefrot hunn, sou dass ech ganz éierlech un der éierlecher Absicht vu gewëssene Leit zweifelen. Duerfir wëll ech och weider net op déi Polemik agoen.

Et gëtt ee Punkt, dee richteg ass, wou keen de Moment domat zefridden ass an dat ass déi Situatioun vun den Ofwässer duerch lerpeldeng. Ech wëll awer och hei betounen, dass dat deemools den ausdréckleche Wonsch vun der Gemeng lerpeldeng war, fir dee Kanal sou ze leeën, fir Geld ze spueren, fir kombinéiert d'Ofwaasser vum SIDEDEC mat dem häuslechen Offall ze maachen. Dass dat vläicht net méi ganz dem Stand der Technik entsprécht, do si mer eis alleguerten eens; de SIDEDEC ass awer leider net Maître d'ouvrage, fir dee Kanal ze leeën. Mir hu schonn zënter zéng Joer Suen am Budget, fir dee Kanal do ze leeën. Mir sinn déi éischt, déi drop waarden, dass vun alle staatlechen Instanzen gréng Luucht kënn, an da gëtt dee Kanal sou séier wéi méiglech gebaut, fir am Noutfall dann awer nach eng zweet Léisung ze hunn, souguer, wann d'Sickerwaasser op der Plaz sollt gebraucht ginn.

Dat just dozou a méi wëll ech zu där Polemik do net soen. Ech mengen, de Rescht ka jiddferen an der Press vun der leschter Woch noliessen oder respektiv kritt hie vu mir als SIDEDEC-s-President da gâr sou vill Informatiounen, wéi hie gären hätt.

Dës Anlagen, an och dat ass scho gesot ginn, maachen natierlech Sënn, och wann um Fridhaff net méi getippt gëtt. Egal wéi, dee Virtraitement vun deem Reschtoffall an där mechanesch biologescher Anlag ass sënnavoll.

Da kann ech och dat nëmme ënerstëtzen, wat hei scho gesot ginn ass, wa mer vu Réorganisation territoriale schwätzen. Ech sinn der Meinung, dass een déi dräi Offallsyndikater soll bäibehalen. Déi hunn awer eng gewësse geschichtlech Entwécklung. Si hunn och eng gewësse Manéier, fir ze fonctionnéieren beim Behale vun dem direkte Kontakt zu de Gemenzen.

Ech mengen, mir sinn eis awer eens, dass mer eis dringend mussen zesummesetzen, fir eng national Léisung ze sichen, am Kontext besonnesch vum Reschtoffall. Et ass och net esou, wéi wann dat nach net geschitt wier. Zwëschent dem SIDOR an dem SIDEDEC gëtt et schonn eng jorelaang Zesummenaarbecht, déi excellent fonctionnéiert. Bis elo war et e bësse méi schwierig, fir deen drëtze mat an d'Boot ze kréien. Ech hoffen, dass - egal wien et wou ass - déi dräi nei Büroen agesinn, dass et einfach Sënn mécht, sech zesummenzesetzen, zesumme mam Ëmweltminister an der Verwaltung an dringend noutwendeg national Léisungen ze sichen. Mir kënnen déi dräi Strukture bäibehalen, mir mussen awer hin op eng national Gestiou.

An an Zukunft dærf den Offall net méi no der geographescher Hierkunft traitéiert ginn, mä no der Qualitéit vum Offall. An dat, wat soll deponéiert ginn, dat soll deponéiert ginn, a wat besser verbrannt ass, dat soll verbrannt sinn. Dat soll d'grouss Linn sinn an ech sinn iwwerzeegt, dass déi dräi nei Büroen hir politesch Verantwortung wäerten iwwerhuelen a schleunegst, wa se bis constituéiert sinn, sech mam Ëmweltminister zesummesetzen, fir den Offallproblem um nationalen Niveau ze léisen.

Merci villmools.

M. le Président. - Merci, Här Gira. Den nächste Riedner ass den Här Mehlen. Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

M. Robert Mehlen (ADR). - Merci, Här President. Dir Dammen, Dir Hären, och vun eiser Sait e Merci un de Rapporteur, deen hei duergeluecht huet, ëm wat et geet. Ech wäert tunlechst vermeiden nach eng Kéier op den Objet vun dësem Projet de loi anzegoen. Dat huet hie gemaach an et sinn och anerer nach zum Deel drop agaan-gen. De But ass bekannt. Mir votéieren hei eigentlech nëmme just eng finanziell Participatioun vu 25% un engem Invest, dee gemaach gëtt vun engem Gemeengesyndikat an zwar fir e bestoenden Tipp ze moderniséieren an auszebauen.

Et kann ee ech d'Fro stellen, ob dat, wat mer do matfinanzéieren als Stat, dem Geescht an dem Buschtaf vum Offallgesetz gerecht gëtt, dat eis operleet, fir de Maximum ze maachen, fir d'alleréischte fir d'Müllvermeidung, dann de Recycling an duerno eigentlech eréischt den Dépôt vun deem, wat sech net méi recycléiere léist.

Ech deelen d'Meenung vun all deenen, déi soen, dass mer erfreeslech Fortschréitter gemaach hunn am Laf vun der Zäit, fir d'Quantitéit vum Müll, deen deponéiert gëtt, ze reduzéieren. Mir sinn einfach an enger Konsumgesellschaft, déi noutwendegerweis e ganze Koup Offall produzéiert. Mä et muss awer och net zwangsläufig esou sinn, dass e groussen Deel dovunner op enger Deponie land. Duerfir muss een all Initiative begrëssen, déi dozou féieren, d'Leit ze sensibiliséieren, den Offall ze trennen an e méiglechst no qualitativ getrennte Fraktiounen enger sënnvoller Verwärtung zouzeféieren.

Wa mer d'Müllfraktiounen am Detail kucken, da sinn der eng ganz Partie do déi onproblematesch sinn. Ech doe mer all Kéiers schwéier mat der organescher Fraktioun am Offall. Et ass jo och dat, wat hei e groussen Deel vun de Problemer generéiert an och anerwäerts.

An ech muss soen, Här President, mir waren als ADR scho viru Joren eng Kéier a Süddäitschland eng Anlag kucken, déi ausschliesslech biologeschen Offall traitéiert vun enger Populatioun vu ronn 100.000 Awunner. Dat gëtt, well dat Biologesch esou problematesch ass vun der Hygiène hier, zweemol an der Woch ofgehall.

Ech si mer bewusst, dass ganz besonnesch wéi an dësem Fall, wou mer grouss Gebidder hu mat enger relativ schwacher Densitéit, dass dat och ëmweltpolitesch problematesch ass, dass mat risem Transport zesummenzeféieren, fir et ze traitéieren. Duerfir triede mir absolut derfir an, dass ee soll probéieren dat sou wäit wéi et geet dezentral mat eise Bauerebetriber zesummen ze maachen.

Et ass och net - et muss een einfach soen - sënnvoll, Compostage ze maachen. Och déi Anlagen hei, wat eng vun deene modernsten ass, déi ech jee gesinn hunn, maache fir d'éischt Biovergärung. Dat heescht, se huelen de Maximum schonn iwwert de Vergärungsprozess eraus, wat zu enger Reduktioun vun der Trockenmass féiert vu 25% bis 30%. De Gas gëtt energetesch verwäert. Dat, wat iwwerbleift, gëtt entwässert an duerno nach eng Kéier kompostéiert. Mä do ass de Gros vun der Energie schonn eraus.

De Compostage ass sécher méi einfach, mä en huet awer en No-deel: Och, wann ee seet, et ass CO₂-neutral, well et ass jo organesch Matière, déi virdrun CO₂ gebonne ginn ass, ass en awer trotz allem iergendwou problematesch, well en erëm riseg Quantitéite vun CO₂ generéiert, an déi Hëtzt, déi do entsteet, ganz weineg genotzt ka ginn.

Duerfir mengen ech, et wär absolut noutwendeg, dass mer eis géinge

Gedanken driwwer maachen, fir flächendeckend déi organesch Fraktioun, déi e groussen Deel vun deem Ganzen duerstellt, an och herno am Dépôt problematesch ass, well se jo ëmmer nach viruschafft, fir déi esou wäit wéi et nëmmen iergendwéi méiglech ass, getrennt ze erfaassen a getrennt ze verschaffen, an dann erëm eng Kéier an den natierleche Kreeslaf zrëckzebréngen. Ech mengen, da wäre mer absolut am Sënn vum Offallgesetz.

Déi aner Fraktiounen, do kann ee relativ séier driwwer ewechgoen: D'Metaller, d'Eise losse sech haut ganz liicht mat Magnéiten eraushuelen. Wou ech perséinlech, Här Minister, e bësse Bauchwéi hunn, dat ass déi Partie Aluminium, och wann et kleng Quantitéite sinn; mä dat sinn, wann een dat iwwert de ganzen Haushaltsoffall zesummenhëlt, awer gewaltig Quantitéiten. Well mer wëssen, dass den Aluminium en onheemlechen Energiefrësser ass an der Produktioun, misst alles gemaach ginn, fir den Aluminium, och déi klengsten Dealer, separat ze erfaassen. Ech weess, dass dat net einfach ass, dass och d'Populatioun muss dohinner bruecht ginn. Mä wann een den Ufank net mécht, da kënnt een och net un d'Zil.

Pabeier, wësse mer, dass dat gréisstendeels funktionéiert. Et kann een et ëmmer nach besser maachen. Glas och. De Problem, dee bleift, sinn d'Kunststoffer. Ech muss soen, ech war frou, dass ech déi Visite douewe konnt matmaachen. Och dat, wat nom Traitement mécanique herno nach an den Dépôt geet vu Kunststoff, schéngt mir reng optesch gesinn awer nach räichlech vill ze sinn. An an der Optik, dass mer soen, mer wëllen de Maximum recycléieren, misst ee sech iwwerleeën, wéi een dat an Zukunft kënnt an de Grëff kréien. Ech weess, dass et Kunststoffer gëtt, déi problematesch sinn an der Verbrennung. Mä un a fir sech ass et en onbefriedigenden Zustand, wann ee gesäit, dass nach esou vill op den Dépôt geet.

Här Minister, ech hu viru kuerzem an enger Noriichtesendung héieren, dass an der Bundesrepublik Däitschland iwwerluecht gëtt, fir an der Offallwirtschaft zu enger Null-dépôtlesung ze kommen. Dat ass natierlech e ganz héich gestacht Zil. Mä ech mengen, als Zil misst een dat awer kënne guttheeschen. A wann eis däitsch Nopere sech dat als Zil gesat hunn, misste mir, déi mer jo awer op d'mannst grad esou dichteg si wéi si, eis jo awer och, mengen ech, datselwecht Zil kënne setzen a kucken dorop hinzeschaffen. Ech froe mech och, mer wëssen, dass d'Europäesch Communautéit eis heiansdo mat Direktiven iwwerrascht, ob net iergendwann eng Kéier eng Direktiv kënnt, déi eis derzou zwingt, fir op dee Wee do ze goen.

Virun deem Hannergrond kann ee sech d'Fro stellen: Ass deen Invest, dee mer elo maachen, dann nach sënnvoll? Well et ass jo awer relativ vill Geld, wat elo investéiert gëtt, fir d'Liewensdauer vun der Deponie kënne ëm en etlech Joren ze strecken. An dat virun allem virum Hannergrond - ech weess awer, dass et problematesch ass, well ech aus dem Oste kommen -, dass mer am Osten eng Deponie hunn, där hir Liewensdauer op, ech wëll net soe Jorhonnerten ugeluecht ass, mä déi awer nach eng gewaltig Capacitéit huet. Stelle mer eis emol vir, mer wären an zéng oder 15 Joer do, dass näischt méi dierft deponéiert ginn an näischt méi géif deponéiert ginn duerch nei Technologien. Dann hätte mer déi Capacitéit do mol nach net ausgeschäfft, a mer hätten eis eigentlech deen Invest am Norde beim SIEDEC kënne spueren.

Virun deem Hannergrond ass et eiser Meenung no national gesinn - ëmmer um nationale Plang gekuckt; mir sinn eis awer bewusst, dass et e Problem gëtt tëscht deenen dräi Syndikater - net wirtschaft-

lech, fir esou vill Geld fir déi Installatioun ze investéieren, just fir d'Lafzäit nach ëm e puer Joer ze verlängeren. Et gëtt gesot, déi Installatiounen géinge jo och, oder solle spéiderhin nach genotzt ginn, wann d'Deponie voll ass. Wéi gesot, mir kucken et trotzdeem mat enger Zilrichtung, dass een eigentlech misst déi verschidde grouss Fraktiounen kënne trennen an enger Verwärtung zouféieren.

Als Konklusioun, Här President, wëlle mer zrëckhalen, dass et dringend noutwendeg ass, dass mer déi dräi Syndikater iergendwéi weindegstens ee Mol un en Dësch bréngen, an dass mer zu enger nationaler Offallpolitik kommen, wou effektiv net regional gekuckt gëtt, mä wou mer national kucken a probéieren déi verschidde Müllelementer esou gutt wéi méiglech am Sënn vum Offallgesetz ze entsueren, a virun allem sënnvoll ze verwäerten an ze recycléieren.

An deem Sënn kënnt een eigentlech der Regierung och e Reproche maachen, dass se nach net méi drop agewierkt huet. Ech weess och, dass déi Méiglechkeete limitéiert sinn. Mä ech ka mech erënneren, dass déi Problemer, déi notament mam SIGRE bestan hunn an der Vergaangenheet an och haut wahrscheinlech nach zum Deel bestinn, drop zrëckzeféiere sinn, dass do eng gewëss Haartstréckegkeet war - fir e gudden ale Lëtzebuerger Ausdrock ze gebrauchen -, fir mat op dee Wee do ze goen. Ech weess och, dass déi finanziell Bedeelegung vum Lëtzebuerger Stat un deem Investissement, deen do gemaach ginn ass, ëmmer nach aussteet, well dee Problem do nach net geléist ass.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Et muss een op jidde Fall dofir suergen, an d'Regierung muss mat alle Mëttele drop hiwierken, dass déi Zesummenaarbecht do kënnt, an dass mer wirklech zu enger nationaler Offallpolitik kommen, déi deenen Ziler do Rechnung dréit. Et fällt eis e bësse schwéier, soen ech éierlech, fir deem Projet hei eis Zoustëmmung ze ginn, well vill Geld hei investéiert gëtt an eng Solutioun, déi nëmmen eng lwwerganksléisung ass. Mä well mer awer keng aner Solutioun de Moment gesinn, si mer d'accord fir dëse Projet matzedroen, a mer hoffen, dass mer dann trotzdeem awer a méi enger laangfristeger Perspektiv zu anere Solutiounen kommen.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président. - Merci, Här Mehlen. D'Wuert huet elo als Of-schluss vun der Debatt den Ëmweltminister, den Här Lucien Lux. Här Minister.

M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, ech kënnt mech relativ kuerz halen, well dës Debatt de Mëtze vill gewisen huet a sécherlech schonn utile war fir déi Revisioun vum nationalen Déchetsplang, déi mer am Joer 2006 elo virzehuelen hunn. Ech géif d'Deputéierten, déi heibanne sinn, an déi mat vill Kompetenz un déi Fro hei, a schonn an der Kommissioun, drugänge sinn, elo schonn invitéieren, fir de 16. Mee sech virzuerge fir en éischte Workshop, dee mer maachen, wou mer och déi interesséiert Deputéierten invitéieren, fir an déi Diskussioun iwwert d'Revisioun vun deem Plang anzetrieden, an ze kucken, inwieweit dass mer munches, wat de Mëtten hei gesot ginn ass, scho kënne an déi Diskussioun eranhuelen.

Ech mengen, den Haaptmessage de Mëtten, deen ech mathuelen, ass sécherlech deen, dass et héich Zäit gëtt, dass mer déi dräi

Syndikater un en Dësch kréien, dass mer musse kucken, wat och vum Kolleeg Gira gesot ginn ass, net nëmmen d'Hierkunft vun dem Déchet ze kucken an en fonction dovunner d'Verdeelung ze maachen, mä virun allem och d'Natur, d'Qualitéit vun den Décheten ze kucken, Spezialiséierungen ze maachen a sech da landeswäit e Konzept fir déi nächst Jore ginn.

Dat beäntwert och zum Deel déi Appréhensiounen, déi de Kolleeg Mehlen zum Schluss hat, fir sech ze froen: Ass deen Invest, dee mer hei maachen, nach néideg op deem Site do? En ass nach néideg! En ass virun allem néideg, well en eis d'Geleeënheet gëtt, awer am Prétraitement herno ëmmer nach kënne mat deenen Infrastrukturen ze schaffen, och wann een herno fir d'Deponéierung vläicht aner Sitë virgesäit.

Mä ech mengen, mir mussen eis elo zesummesetzen. Ech sinn och frou, dass mer relativ schnell mat der Kommissioun dee Projet hei vum SIEDEC iwwert d'Bühn bréngen. Och dem Rapporteur dofir e grouse Merci, dass dat vum Dépôt vum Projet bis haut dach relativ schnell iwwert d'Bühn gaangen ass, an och dem SIEDEC douewen.

An ech mengen, et ass zu Recht hei gesot ginn, de SIEDEC muss ee luewen, well et hie war, deen den Esprit an d'Letzte vum Gesetz vun 1994, fir effektiv eng vernetzten integriéiert Gestiou vum Müll ze maachen, ganz schnell attackéiert huet an et fäerdeg bruecht huet, mat all deene Gemengen an dat Konzept do anzetrieden.

Ech denken awer och un déi Aarbechten, déi amgaange si mam SIGRE, fir och d'Finanzéierungsgesetz fir de SIGRE esou schnell wéi méiglech heihinner ze kréien, waarden och mat Ongedold op d'Konstituierung vun deenen neie Gremien an ech mengen, da léisst et sech vläicht do méi schnell virukommen deementspriedend, wa mer eis mat deene Leit da kënne zesummesetzen.

Jiddefalls, mir sinn am Ministère an an der Verwaltung prett, fir dat virunzedreien. Datselwecht gëllt natierlech och fir de SIDOR, wou d'Préparatiounen fir déi partiell Renovéierung an den Assainissement vun den Anlage jo och en cours sinn, a mer sécherlech dann do och relativ schnell heihinner komme kënne, fir dat ze maachen.

Doriwwer eraus wëllt ech awer ofschléissend net vergiessen ze soen, dass mer sécherlech nach eng Rei vun aneren Initiativen huelen, fir d'Preventioun an d'Reduktioun ëmmer erëm weiderzedreien. Ech mengen, mir stellen haut nach fest - et ass virdru gesot ginn -, dass mer beim Undeel vun den organeschen Fraktiounen ëmmer nach bei 31% leien. Ech mengen, dass mer do Efforte musse maachen, fir weiderzokommen. Mir sinn amgaangen, e Projet pilote zu Rëmeleng ze maachen, fir mat de Geschäfte zesummen, mat de Konsumenten an de Clientë maner Déchetë beim Akaf ze maachen.

Mir hunn de Kontrakt mat der Gesellschaft Valorlux virun zwou Woche verlängert, fir mat enger Initiativ wéi déi mat den Écosacen och weiderzokommen, wat sécherlech ee vun deene Punkten ass, well mer mierken, dass de Plastik mat 17% awer nach e groussen Undeel ausmécht, grad wéi de Pabeier an de Kartong, dee bei 24% läit. An dann natierlech och kucken, awéiwäit dass mer, besonnesch bei den organesche Fraktiounen am Osten an am Norden, Efforte maachen, fir iwwert d'Bio-methanisatioun och d'Energieproblematik mat eranzebréngen. Alles dat, mengen ech, muss d'Revisioun vum nationale Plang vun den Décheten 2006 duerstellen.

Dofir zum Schluss vläicht eng Bemierkung, ech mengen, de Kolleeg Gira huet a senger duebeler Qualität hei e bessen dodrop geänt-

wert. An der Fro vun den Analysen, déi gemaach gi sinn, an och deene Resultater, déi d'Umweltverwaltung dem SIEDEC Enn Dezember virgeluecht huet, ass dat Eenzege, wat gëllt, kloer ze maachen, dass déi Analysë kloer weisen, dass mer et hei net mat engem grouse Problem ze dinn hunn, an et gëllt do nëmmen eent, dass ass d'Transparenz spillen ze loossen, souwuel an der Ëmweltverwaltung wéi beim SIEDEC wéi an de Gemengen. Ech mengen, dass een un déi Problemer mat rouegem Kapp, awer Determinatioun muss drugoen, fir dass mer se geléist kréien.

An ech mengen och hei, well dat gesot ginn ass, dass déi Responsabel vum Intérieur a vum Waasserwirtschaftsamt prett sinn, fir sech mat eis un en Dësch ze setzen, fir déi Problemer do esou schnell wéi méiglech ze diskutéieren, ze analyséieren an dann och virzegoen, dass mer se an de Grëff kréien.

Duerfir der Chamber Merci fir dat schnell Ofhandele vun dësem Projet de loi. Merci.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - Merci, Här Minister. Domat si mer um Enn vun der Debatt ukomm. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert dëse Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Jo, Här Clement.

M. Lucien Clement (CSV). - Jo, mä ech kann net ofstëmmen, et geet net. Här President, meng Maschinn geet net!

M. le Président. - Mir kucken elo direkt duerno.

M. Lucien Clement (CSV). - D'Maschinne sinn total k.o.

M. le Président. - De Projet de loi 5507 ass mat 60 Jo-Stëmmen uegoholl.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sonnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par Mme Colette Flesch), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helming (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch (par M. Henri Grethen) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Domadder si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Mëtten um hallwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.16 heures)